

### Vote sur l'article I

Den Text vun der Kommissioun as mat 52 géint 5 Stëmmen ugeholl an den Artikel I as och esou ugeholl.

*Ont voté oui :* Mme Nancy Arendt, MM. François Billgen, Willy Bourg, Lucien Clement, Nicolas Estgen, Luc Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Clement), Alphonse Theis et Lucien Weiler.

MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz et Camille Weiler.

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par Mme Agny Durdu), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Carlo Meintz, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner.

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Ont voté non :* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

D'Artikelen II bis V si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwer de gesamte Projet de loi 4081.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi as mat 55 Stëmmen a 5 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui :* Mme Nancy Arendt, MM. François Billgen, Willy Bourg, Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden (par M. Lucien Weiler), Luc Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Lucien Clement), Alphonse Theis et Lucien Weiler.

MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi.

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf (par Mme Agny Durdu), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Carlo Meintz, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner.

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus :* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gët d'Châmber d'Dispens vum zwete Vote ?

(Assentiment)

Et as also esou decidéiert.

Den Här Rippinger huet d'Wuert fir en Dépôt ze maachen.

## 5. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés - N° 4333

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den 18. August 1995, - dat gët elo gläich den zweten Anniversaire, - hun ech eng Interpellatioun deposéiert iwwer d'Exploitatioun vum Findel, den Trafic aérien an d'Vols de nuit.

An hirer immenser Sagesse huet d'Mme Transportminister mer bis haut nach nët geäntwert.

De 25. Oktober 1996 hun ech eng Interpellatioun deposéiert iwwer d'Politique répressive vun de Parqueté vu Lëtzebuerg an Dikrech an den 29. November 1996 eng iwwer d'Prostitutioun zu Lëtzebuerg an d'Prostitutioun, wéi se sech an den öffentlechen Endroitën exercéiert, d'Mesuren an d'Initiativen, déi ee soll huelen, fir deem Fléau an där Situatioun entgéintzekommen.

Dat heescht, déi Interpellatiounen sin ugemellt gin elo schon deelweis iwwer Joren an iwwer Méint a si sin nach ëmmer nët hei an der Châmber virkomm. A well haut esou e schéinen Dag as, dat heescht, de leschten Dag ier mer an d'Vakanz gin, hun ech geduecht, et wär vläicht wichteg an opportun, fir de Paragraph 4 vum Artikel 82 vum eiseem Règlement intérieur ze modifizéieren an d'Regierung dozou ze zwéngen, an engem Délai vun 3 Méint eng Interpellatioun an der Châmber iwwer d'Bühn ze kréien.

Et kann dach nët sin, dass en Deputéierten eng Interpellatioun ugemellt huet, déi och nach akzeptéiert as, well zwou vun dene si vum Justizminister akzeptéiert, mä dass et dann dee berühmte Mokuchsdag as, wou déi eventuell soll dru kommen.

Dofir hun ech, mam Accord vu ménger Fraktioun, déi Modifikatioun hei proposéiert an ech deposéieren déi um Büro vum President vun der Châmber, an déi gesäit folgendermoossen aus :

"Le paragraphe (4) de l'article 82 est modifié comme suit :

« (4) Le Président donne lecture de la déclaration écrite et la date de l'interpellation sera fixée par la Chambre, d'accord avec le Gouvernement. L'interpellation devra être évacuée endéans les trois mois de l'introduction de la demande. »

Mir schéngt, dass dat eng Saach wär, déi kënnt akzeptéiert gin an ech kënnt mir virstellen, Här President, dass déi Proposition do an d'Commission de Travail géng goen, fir dass déi se géng examinéieren. Et kann nët sin, dass mir Interpellatiounen hei umellen an dass se ni virkommen !

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Ech gin Iech Akt vun dem Dépôt vun Ärer Proposition, Här Rippinger, an ech schécke se viru mat engem Préjugé favorable un d'Commission du Règlement.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4274. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorable Mme Nelly Stein.

## 6. Projet de loi 4274 concernant la création de comités d'élèves auprès des lycées et lycées techniques et la création d'une conférence nationale des élèves issue de ces comités

*Rapport de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle*

**Mme Nelly Stein (CSV), rapporteur.** - Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen. D'Schafung vu Schülercomitéen, wouriwwer mer haut diskutieren, huet schon e groussen Interêt ervirgeruff an ech rechnen domat, datt deen Interêt net nëmmen dobause war, mä datt deen och elo heibannen as an datt déi Leit, déi hei sin, sech dann och zesammenhuelen, fir dozou bäizetroen, fir dee Projet ze diskutieren.

Niewent dem Projet de loi 4274, dee vun der Edukatiounsministerin Mme Hennicot-Schoepges deposéiert gouf, hat och den Här Berger eng Gesetzespropositioun zum selwechte Sujet eragereecht.

D'Châmberskommissioun vun der Edukatioun huet awer décidéiert, hir Aarbechte jhust op de Gesetzesprojet ze beschränken. Grad wéi de Staatsrot war si der Meinung, datt de Gesetzesprojet vun der Regierung méi wäit geet wéi d'Proposition de loi vum Här Berger. De Gesetzesprojet gesäit nämlech Schülercomitéen an alle classeschen an technesche Lycée vir. Doriwwer eraus gët och nach eng national Schülerkonferenz an d'Liewe geruff.

A méngem Rapport wëll ech fir d'éischt op d'Virlefer vum Gesetzesprojet agoen, dann d'Objektiver vum Projet behandelen an zum Schluss den Avis vum Staatsrot analysieren.

**1. D'Virlefer vum Gesetzesprojet.**

D'Virlefer vun dësem Projet sin eigentlech verschidde Protestaktiounen a Protestmanifestatiounen, déi an dene leschten zwee Jor vun de Schüler duerchgezu gi sin.

No denen éischte Protestaktiounen Ufank 1995, déi a Relatioun mat dem Schülertransport stongen, hun déi Responsabel aus dem Edukatiounsministère ugefaange sech mat dem Problem vun enger besserer Konzertatioun vun den Acteuren am Erziehungswiesen an an de Schoulgebaier ze beschäftegen.

D'Situatioun war déi heiten : säit laanger Zäit bestin Associatiounen vun Elteren a vu Proffen. Mä d'Schüler, déi déi Haaptbeträffen am Schoulsystem sin, hate keen esou e Sproochorgan, dat hir Interessen direkt vertrueden hätt.

An enger éischter Approche huet den Edukatiounsminister versicht, - an do muss ee wëssen, d'Mme Hennicot-Schoepges hat jhust hiirt Amt als neien Edukatiounsminister ugetrueden zu deem Zäitpunkt, - duerch eng Reform vun de Conseils d'éducation, d'Objektiv vun enger méi gerechter Schülerrepresentatioun ze léisen. D'Conseils d'éducation sin obligatoresch Konzertatiounsorganer, déi an all Gebai vum postprimaires Unterricht bestin. Si sollen een Diskussiounsforum duerstellen, an deem d'Problemer, déi an der Schoul bestin, beschwat a wa méiglech geléist gin. Hei sollt d'Positioun vun de Schüler gestärkt gin.

Déi Gespréicher, déi an dës Richtung gefouert goufen, hun awer kee konkret Resultat bruecht. Doduerch as den Onmutt vun de Schüler nach méi grouss gin a während dem Streik vum leschten Dezember hun d'Vertreieder vun de Schüler mat Nodrock gefuerdert, datt d'Gespréicher erëm sollten opgehoill gin an datt endlech sollt eng Schülervertredung duerch e Gesetz geschafe gin.

D'Edukatiounsministerin, d'Mme Hennicot-Schoepges, huet d'Iddi vu Schülercomitéen an den eenzelne Gebaier ënnerstëtzt. No enger Rei Gespréicher mat de

Verantwortleche vun der Schülerdelegatioun Lëtzebuerg huet si den 30. Januar 1977 dee Projet de loi deposéiert, iwwer dee mir haut diskutieren.

**2. D'Objektiver vum Gesetzesprojet.**

De Projet gesäit sech als e Kadergesetz an huet en dueblen Objektiv :

- an all Gebai vum Secondaire e Schülercomité op d'Been ze stellen ;

- um nationale Plang eng Schülerkonferenz ze schafen an där d'Vertreieder aus alle Schülercomitéen sëtzen.

Ech mengen, esou géif déi néideg gesetzlech Basis geschafe gin, fir et de Schüler ze erlaben, hir Besoinen an hir Aspiratiounen op eng adequat Aart a Weis kënnen duerzeleën. Si kréien och esou d'Méiglechkeet fir aktiv um Schoullewen an un den Décisiounen, déi si betreffen, deelzehuelen.

D'sozial an d'pedagogesch Argumenter, fir an all Gebai vum Secondaire e Schülercomité ze schafen a fir eng national Schülerkonferenz an d'Liewen ze ruffen, sin ausféierlech am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet beschriwwen gin, esou datt ech mengen, datt et kee Wäert méi huet, nach eng Kéier dorop zréckzekommen. Well d'Kommissioun sech denen Argumenter ralliéiert, géif ech lech op den Exposé des motifs verweisen.

D'Kommissioun wëll awer och drops hiweisen an ënnersträichen, datt d'Schoul net nëmmen op e Beruff virberede soll, mä datt si déi jonk Leit, déi hir uvertraut sin, muss dorops virbereden, fir hire Mann oder hir Fra am Liewen ze stellen. D'Schoul soll hiirt dozou bäidroen, datt déi Jonk engagéiert a responsabel Membere vun der Gesellschaft gin.

Eis modern Gesellschaft berout zu engem groussen Deel op dem Dialog, deen tëschent dene verschiddenen ekonomeschen, politeschen a soziale Partner gefouert gët. Dofir sin och an der Schoul gutt ausgebauten a gutt funktionnéierend Dialogstrukturen noutwendeg. Eng Schülervertredung as jo a sech d'Parallelogramm zu de Vertredungen vun den Elteren an den Enseignantén. An dësem Zesammenhang muss op Folgendes higewise gin : wa gemengt gët, déi verschiddenen Associations de parents d'élèves géifen déi spezifesch Interesse vun de Schüler matvertreiden, esou as dat ganz sécher dacks net de Fall. D'Menungen an d'Besoinen vun de jonke Leit entsprechen nun emol net den Iddien vun hiren Elteren. Déi Jonk brauchen eng egen Interessevertredung.

D'Rechter vum Kand sin an allen demokratesche Länner offiziell anerkannt. Dofir muss een och vun de Rechten der Schüler schwätzen. D'Schüler aus dem Secondaire gehéieren, der Definitioun vun der UNO-Kannerrechtskonventioun no, zwar och nach zu de Kanner, mä si hu sécher aner Besoinen wéi zum Beispill d'Puppelcher oder d'Kanner aus dem Primaire.

Rechter ze hun, bréngt awer ëmmer mat sech, datt een och Flichten huet. Dëst as beim virleierende Gesetzesprojet och net aneschtens. Dëse Projet wäird ganz sécher Säint dozou bäidroen, datt déi jonk Leit léieren, an enger Gemeinschaft ze liewen, deen aneren a seng Meinung ze respektieren, konstruktiv Diskussiounen ze féieren a sech fir d'Gemeinschaft anzusetzen. Esou wäerten aus dene jonke Leit responsabel Acteure vun eiser Gesellschaft gemaacht gin.

Well dëse Gesetzestext sech als e Kadergesetz versteet, as et normal, datt duerch verschidde groussherzoglech

Reglementer d'Ausféierungsbestëmmunge festgeluegt gin. Et sin där Exekutiounsreglementer ausgeschafft gin, déi momentan scho virleien. Si goufen no enger breder Konsultatioun a Konzertatioun souwuel mat der Schülerdelegatioun Lëtzebuerg, wéi och mat den Direkteren aus denen eenzelne Gebaier ausgeschafft.

### 3. Den Avis vum Staatsrot

A séngem Avis vum 10. Juni 1997 as de Staatsrot mat der genereller Orientatioun vum Gesetzesprojet averstanen. Hie schléit awer vir, den Text méi ze détailléieren an déi grouss Linne vun den Attributiounen, déi d'Schülercomitéen an d'national Schülerkonferenz solle kréien, elo schon am Gesetzestext festzeleën. Dës Virgehensweis géif d'Wichtigkeet vun de Schülercomitéen an der nationaler Schülerkonferenz weider ënnerstréichen. Och schléit de Staatsrot vir, een Artikel 2 bäizesetzen, an deem d'Akraafttriede vum Gesetz festgeluegt gët.

D'Kommissioun an och d'Regierung hu sech de Propositione vum Staatsrot ugeschloss.

Wat proposéiert de Staatsrot genau ?

Déi generell Attributiounen vun de Schülercomitéen gin am Gesetzestext festgehalen. Et sin dës :

- d'Schüler bei der Direktioun, den Elteren- a Proffen-organisatiounen ze verrieden,
- d'Schüler iwwert alles, wat mat de Studien zesummenhänkt, ze informéieren ;
- kulturell, sozial a sportlech Aktivitéiten ze organiséieren,
- Propositionen zum Schoulliewen an der Schoulaarbecht virzeleën.

Zu dësem Punkt wëllt d'Kommissioun vun der Edukatioun awer folgend Bemierkung maachen:

Zu der Organisatioun vu kulturellen, sozialen oder sportlechen Aktivitéite gehéiert och, zum Beispill, Rondéshgesprécher oder Konferenzen zu aktuelle politeschen Themen ze organiséieren. Hei muss allerdings, - an do si mir unanime an der Kommissioun, - drop opgepasst gin, dass all politesch Stréimunge gläich behandelt a gläich veruede sin. Et as awer am Géigendeel selbstverständlech, dass keng Walveranstaltungen an der Schoul kënne stattfannen, an dass esou Aktivitéiten net zu den Attributiounen vun de Schülercomitéen gehéieren.

Weider gesäit den Text, dass de Staatsrot virschléit vir, dass d'Schülercomitéen kënne Konsultativkommissiounen op d'Bee stellen.

Fir d'Attributiounen vun der nationaler Schülerkonferenz proposéiert de Staatsrot folgendes :

- d'Schüler beim Minister ze verrieden,
- een Avis ofzeginn iwwer déi Projeten, déi de Minister hir virleet,
- Propositionen iwwer d'Schoulliewen an d'Aarbecht an der Schoul ze maachen,
- spezial konsultativ Kommissiounen anzesetzen.

D'Kommissioun wëllt nach präziséieren, dass déi national Schülerkonferenz, genau wéi d'Schülercomitéen, natierlech och d'Recht sollen hun, fir kulturell a sozial Aktivitéiten ze organiséieren, déi am Zesummenhank mat der Schoul stin.

Zum Schluss schléit de Staatsrot vir, dass d'Gesetz de 15. September 1997 soll a Kraaft treden. Et schéngt logesch, dass d'Akraafttriede vum Gesetz mam Ufank vum neie Schouljor iwwerenee stëmmt. Esou kënnen direkt vum

Ufank vum Schouljor 1997/1998 déi nei Konzertatiounsstrukture funktionnéieren.

Wat déi Punkten ubelaangt, déi an de groussherzogleche Reglementer festgeschriwwen solle gin, esou as et esou, dass do nach eenzel Menungsverschiddenhete tëschent dene betraffene Partner bestin. Hei mengt d'Kommissioun vun der Edukatioun, dass de Ministère do sollt tranchéieren.

Wéi schons gesot, ralliéiert d'Kommissioun vun der Edukatioun sech de Propositione vum Staatsrot. Dofir wëllt och der Châmber virschloen, den Text an där Form ze stëmmen, wéi de Staatsrot e virgeschloen huet.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner as d'Mme Ferny Nicklaus-Faber agedroen. D'Mme Nicklaus huet d'Wuert.

### Discussion générale

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV).**- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären. Als éischt wëllt och der Mme Rapporteur, dem Nelly Stein, merci soë fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Gesetzprojet.

Et ware jo, wéi d'Mme Rapporteur dës schons prezis beschriwwen huet, d'Schülerdemonstratiounen aus de Joren 1995 an 1996, déi zu dësem Gesetzprojet gefouert hun. D'Verrieder vun de Studenten hu ganz vehement gefuerdert, dass solle Schülerverriedungen op d'Bee gestallt gin. Et sin dorophin och Gesprécher mat der Schülerdelegatioun Lëtzebuerg gefouert gin, déi als Resultat de Gesetzprojet haten, dass den 30. Januar 1997 déposéiert gouf.

Deen Text, dee mer haut hei diskutéieren, gesäit eng Schülerverriedung op zwee Niveaue vir. An all Lycée classique a Lycée technique gët e Schülercomité agefouert an op nationalem Plang gët eng Schülerkonferenz an d'Liewe geruff.

Dës zwou Strukture sollen de Schüler aus dem Secondaire d'Méiglechkeet gin, hir Interesse besser ze verrieden. Dës as an enger moderner demokratescher Gesellschaft e wichteg Uleies. Schliesslech muss jiddereen d'Recht hun, séng spezifesch Interesse selwer ze verrieden.

Och wa keen den Elterenorganisatiounen ofsprécht, sech fir d'Interesse vun hire Kanner anzesetzen an dat Beschit fir hir Kanner erreechen ze wëllen, esou as et awer verständlech an och mengen och ganz normal, dass d'Schüler an hir Elteren zum Deel eng aner Opfaassung vun dene verschiddene Problemer hun, déi sech an der Schoul stellen.

Och d'Besoinen vun de Schüler, zum Beispill a puncto Infrastruktur oder Léierprogrammer, sin net onbedéngt déi, déi hir Eltere gesinn. Hei leien d'Prioritéiten oft anescht.

Esou as eng egestänneg Schülerverriedung um Niveau vun de Gebaier an um nationalen Niveau also net onnëtz. Si kann esouwuel vis-à-vis vun der Direktioun aus denen eenzelne Gebaier, wéi och vis-à-vis vum Ministère d'Positione vun de Schüler direkt verrieden. Et kënne Spannungen ofgebaut gin a kleng Problemer geléist gin, ier doraus méi grouss Schweregketen entstinn.

Eng Schülerverriedung kann awer ménger Meinung no nëmme gutt funktionnéieren, wann déi Leit, déi doranner gewielt goufen, sech bewosst sin, dass si alleguer hir Schoulkomeroden ze verrieden hun. Et daerf net esou sin, dass d'Schülerverrieder emol fir d'alleréischte hir perséinlech Meinung an hir perséinlech Interesse verrieden. Si mussen mat hire Kollegen zesummen diskutéieren, wou d'Problemer

leien a wéi een dës Problemer upaken a léise kann. Et soll eng richteg Diskussiounskultur op Schülerniveau entstoen.

Wann d'Aarbecht an de Schülercomitéë richteg verstane gët, sin ech iwwerzeegt, dass dës Strukture fir déi jonk Leit, déi sech do engagéieren, eng wäertvoll Léier a puncto Demokratie, Respekt vis-à-vis vum aneren a Konsensfäegkeet wäerte sin.

Eng vun den Attributiounen vun de Schülercomitéën an der Schülerkonferenz as et fir paraschoulesch Aktivitéiten ze organiséieren. Op dëse Problem as d'Kommissioun jo och schon an hirem Rapport agaangen. Dobäi huet si gemengt – an ech schléisse mech dëser Meinung un –, datt och kënnen Informatiounsversammlungen zu aktuelle politesch Themen organiséiert gin. Esou Informatiounsversammlunge wäerte ganz sécher dozou bäidroen, datt méi jonk Leit iwwer d'politesch Aktualitéit informéiert gin. Déi reng Parteipolitik muss awer aus de Schoulen erausbleiwen, esou wéi d'Mme Stein dat jo och scho gesot huet.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären. Den Text, deen de Staatsrot virgeschloen huet an dee vun der Kommissioun iwwerholl gin as, zielt déi verschidden Attributiounen op, déi d'Schülercomitéën an d'national Schülerkonferenz sollen hun. D'Mme Stein huet dës Attributiounen an hirem Rapport nach eng Kéier ernimmt.

Ech wëll jhust hei bemierken, dass déi Attributiounen relativ wäit gefächert sin. Wann een d'Interesse vun de Schüler vis-à-vis vun der Direktioun an dene verschiddene Verenegunge vertrieed soll, Matschüler informéiere soll, Propositionen zum Schoulliewe maache soll an a spezielle konsultative Kommissiounen matschaffe soll, an och nach kulturell, sozial a sportlech Aktivitéiten organiséiere soll, esou grenzt dëst scho bal un e Full-time-Job. Hei gët vun de Schülervertreieder esouwuel en immensen zäitlechen, wéi och e groussen administrativen Opwand gefuerdert. Ech fäerten, datt et hei schnell zu enger Iwwerforderung vun de Schülervertreieder komme kann.

Op jidde Fall wëll ech déi jonk Leit, déi sech dozou beruff fillen, fir sech an den Dénkscht vun hire Matschüler ze stellen, drop opmierksam maachen, datt si iwwer dëser sécher wäertvoller Aarbecht hir Studien nët dierfe verneelissegen.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, och wann dat, wat ech elo jhust gesot hun, méi skeptesch geklongen huet, sin ech dach iwwerzeegt, datt déi verschidde Schülercomitéën an d'Schülerkonferenz den Demokratiedanken an eise Schoulssystem intensiv fördern wäerten. Dëst as a méngen Aen eng wichteg Saach.

Déi verschidde Partner aus eise Schoulwiese mussen méi matenee schwätzen an zu gemeinsame Léisunge vun de Problemer fannen. Dëse Gesetzprojekt garantéiert esou eng Approche.

Wann déi zwou Schülervertreiedungen hir Aarbecht also seriö maachen an hir neigeschafe Méiglechkeet richteg asetzen, da sin ech iwwerzeegt, dass dëst Gesetz eng gutt Initiativ as an eng wäertvoll Neierung an eis Schoulen erabréngt.

Merci.

**M. le Président.** Als nächste Riedner as den Här Eugène Berger agedroen. Den Här Berger huet d'Wuert.

**M. Eugène Berger (DP).** Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll och der Mme Rapporteur merci soë

fir hire Rapport. Ech sin erfreet, awer och erstaunt iwwer hire Bericht.

Ech sin erstaunt dofir, well haut déi selwecht Spriecherin als Rapporteur e Projet virstelle kënn, dee se viru kuerzer Zäit nach als iwwerflësseg duergestallt huet. Virun 1 1/2 Jor hu mer nämlech schon eng Kéier an dësem Plenum iwwer d'Affäre vun obligatoreschen Schülercomitéën diskutéiert, wéi ech méng diesbezüglich Proposition de loi virgestallt hun. Deemools huet d'Mme Stein als Spriecherin vun der CSV de Contraire gesot vun haut. Deemools huet se nämlech gesot, et bräicht ee keng Schülercomitéën am Schoulesetz.

Bei der CSV as et also zu enger wonnersamer Sinneswandlung komm, wuel kaum aus Iwwerzeugung, mä virun allem op engereschen Drock hi vun der Strooss.

Wann et elo zu dene Comités d'élèves kënn, dann as dat an alleréischter Linn de Mérite vun de Schüler, vun dene Jonken, déi de Courage haten, konsequent fir hir Revendikatiounen ze kämpfen a gesellschaftlechen Engagement ze demonstréieren.

Ech wëll nët nach eng Kéier op dee ganzen Historique agoen, mä nëmmen drun erënneren, datt déi zoustänneg Ministerin sech géint dës Comitéë gestriift huet an éreicht no dem Drock vun der Strooss, wou 6.000-7.000 Schüler manifestéiert hun, huet se missen dës Zougständnisser maachen.

D'DP begréisst et, datt et elo endlech zum Aschreiw vun de Schülercomitéën am Gesetz kënn, well mir déi berechtigt Fuerderunge vun dene Jonken ënnerstëtzt hun an dofir hate mer och schon 1995, am Kader vun der Interpellatioun iwwer d'Jugend vu ménger Fraktiounskolegin Anne Brasseur, eng Gesetzesproposition an déi Richtung déposéiert.

Esou eng Mesür entsprécht och eise generelle Virstellung vun der Politik vis-à-vis vun dene jonke Mënschen, wou ee vun eise Leitmotiver Matbestëmmung a Responsabilitéit fir déi Jonk as, dëst am Sënn vun der Integratioun vun hinnen an eis Gesellschaft.

An dene leschten 20, 30 Jor huet d'Situatioun vun dene Jonken an der Gesellschaft staark geännert. Dat fänkt u bei der Famill, wou hir Erzéiung duerch d'Mammen an d'Pappe vun 68 manner autoritär gin as a méi op Dialog a Participatioun ausgericht as.

D'Famill an d'Gesellschaft gi méi staark op d'Virstellungen, d'Menungen an d'Wësch vun hinnen an. Si gin als Individuum méi considéiert a kréie méi Rechter zougestanen, wat sech jo och an der Konventioun vun den Droits de l'Enfant, déi och déi Jonk matabegräift, nidderschléit, déi och Lëtzebuerg 1993 ratifizéiert huet a wou drasteet: « Les Etats parties garantissent à l'enfant et au jeune d'exprimer librement son opinion sur toute question l'intéressant, ... leurs opinions étant dûment prises en considération eu égard à son âge et son degré de maturité ».

Déi Jonk selwer hun och méi e grouse Wonsch no Matsproocherecht an aktiver Participatioun un deem wat ronderëm se passéiert a wat se betrëfft. Wiem dat nach nët bewosst war, huet dat jo spéitstens beim Schülerstreik d'lescht Jor mierke missen, e Streik, dee mat aller Däitlechkeet ënnerstrach huet, datt déi Jonk wëllen ëm hir Meinung gefrot gin a bei denen Décisiounen, déi se betreffen, och wëlle matschwätzen. D'Schoul muss dene Verännerungen a Fuerderungen och Rechnung droen aus verschiddenen Iwwerleungen.

1. Well et déi Plaz as, wou d'Schüler an déi Jonk e groussen Deel vun hirer Zäit verbréngen an e wichtegen Deel vun hirer sozialer Integratioun spillt sech op där Plaz of. D'Schoul as e bësschen e Mikrokosmos vun der Gesellschaft a jee nodeem wéi dës Mikrokosmos funktionnéiert, zum Beispill autoritär oder méi participativ, gin dann och d'Schüler geprägt herno als Acteurs vun der Gesellschaft.

D'Schoul dierf net nëmme Wësse vermëttelen oder anriichten, mä eng zäitgeméis Schoul muss och déi Jonk op hir Roll als Member vun enger demokratescher Gesellschaft virbereden, se léiere Responsabilitéiten ze iwwerhuelen, bref, hinne sozial Kompetenze vermëttelen.

An dat léiert een net an engem theoretesche Civique-cours, mä dat muss se konkret an all Dag reell erliewen, un der egener Haut spiere kënnen, an d'Schülercomitéen – mä net nëmme déi – erméiglechen esou praktesch Léierprozesser.

Si léieren zum Beispill konkret, wéi een Delegéierte wëlt, wéi d'Comitéssätzungen ofgehele gin, si mussen d'Iddien an d'Menunge vu ville Schüler verrieden, sech fir hir Intérêtën asetzen. Si kréien doduerch automatesch méi Interessi un der Schoulpolitik, vläicht un der Politik allgemeng, an dat as da wat een nennt « learning by doing », wat a méngen Aën nach ëmmer déi effikaste Form vu Léieren as.

2. Déi Jonk sin an der Schoul, am Géigesaz zu de Proffen oder der Direktioun, déi haapt Konzernéiert. Hir Zukunft steet um Spill an da schéngt et mer nëmme normal, dass se e Minimum iwwer hir Zukunft kënnen matschwätzen a matbestëmmen.

D'Fro stellt sech, hätt een dat net och kënnen iwwer en anere Gremium errechen, zum Beispill de Conseil d'éducation ?

E wichtige Punkt as deen, dass beim Comité d'élèves d'Schüler ënnert sech sin, dass keen hinnen drariet. Et as eng Aart Schülergewerkschaft, wou exklusiv hir Stëmm an hir Iddien zielen, déi si da kënnen op anere Plaze geltend maachen.

Dës as e wichtige Ennerscheed zum Conseil d'éducation, deen déi verschidde Schoulpartner - Elteren, Proffen an d'Direktioun - regroupéiert, mä wou awer am Endeffekt d'Direktioun eng preponderant an dominant Roll spillt.

Au départ wollt jo och d'Mme Unterrichtsminister dës Organ nei iwwerdenken, wat sécher och ëmännerungsbedürftig as, mä wat awer net wierklech eng exklusiv Représentatioun vun de Schüler as.

Schliisslech as et jo dann zu der Optioun vun de Comités d'élèves komm, ënnert denen Emstänn, déi mer kennen.

Wéi üblech wollt d'Regierung natiirlech net eng Proposition de loi vun engem Oppositionsdeputéierten iwwerhuelen oder eventuell amendéieren. Ech gin och zou, dass méng Proposition relativ knapp formuléiert war an haaptsächlech op e Reglement verweisen huet, dat – esou hat ech deemools am Commentaire des articles geschriwwen – onbedéngt an Zesummenaarbecht mat de Schüler misst ausgeschafft gin.

Ech ka mech erënneren, dass bei der Diskussioun vun där Proposition am Februar 1986 den Här Scheuer am Numm vun de Sozialisten deemools och argumentéiert huet, dass ee misst méi e fundamentaalt Gesetz ausschaffen. Ech hun ëm och net Onrecht gin. Et muss een awer feststellen, dass de Regierungstext, deen elo virläit, am Fong geholl net vill méi élaboréiert as. Aus Enseignement secon-

daire as Lycée et Lycée technique gin an et as nach en Zousaz fir eng Conférence nationale derbäi komm, déi d'Verrieder vun de Comitéen aus denen eenzelne Gebaier regroupéiert.

De Conseil d'Etat huet insistéiert, fir nach d'Attributiounen vun dene Comitéen an d'Gesetz ze schreiwen. Och wann deen Zousaz zimlech generell gehalen as, as et e Plus, well een net esou schnell un déi Attributiounen, wat jo d'Kärstéck vum Gesetz as, ka réckele goen. Wat een huet, dat huet een da schon.

Weiderhin awer steet a fällt dës Gesetz duerch d'Reglement, dass all Detailer vun dësem Comité regléiert an de Risiko besteet, dass am Endeffekt deen zoustänneg Ressortminister mam Gesetz ka maache wat e wëllt.

Mir hu mëttlerweil och dës Reglement virleien, wat scho bal e Phänomeen an dëser Chamber as, well ee gewéinlech déi Reglementer, egal zu wat fir engem Gesetz, bal ni virun dem Vote vun engem Gesetz ze gesi kritt. Hei as ganz sécher e Plus ze vermellen,

1. well dës Reglement iwwerhaapt virläit an

2. virun allem och well et an enger Kollaboratioun mat de Schüler zesummegehalt gin as.

Esou wäit gewosst as, géifen nach eenzel Punkten an den Negociatiounen opstoen, ënnert anerem de Budget de fonctionnement, wou virun allem eng Formule soll fond gin, dass déi Schülercomitéen herno net à la merci vun der Direktioun sin. Eventuell kennt een hei vläicht eng minimal Zomm am Edukatiounsbudget virgesinn, fir ze garantéieren, ...

**Une voix.** - Vläicht eng nei Karriär !

**M. Eugène Berger (DP).** - Dat muss keng nei Karriär sin. Dat as jhust e kleng Budget de fonctionnement fir d'Schülercomitéen. Ech mengen, déi puer Suë kënnen mer och nach opbréngen.

Déi zweet Fro, déi opstong, as déi vum pedagogesche Rapport iwwer d'Schoul, dee soll zesummegehalt gi vum Comité an deen da soll un de Ministère weidergeschéckt gin, wou d'Direktioun vläicht net esou waarm sin, fir dee weiderzeeden.

Och wann dës Fro net definitiv gekläert as, verhënnert awer näischt déi Comitéen, fir hire Rapport awer un de Ministère ze schécken.

De Gesamtandrock vun dësem Reglement léisst een awer net ganz sat gin, well wann ee kuckt, beschäftegt sech déi meescht Artikelen akribesch mat de Prozeduren an de Fonctionnement, vun der Zort Pobeier bei de Lëschten, bis zu dem Opziele vun den obligatoreschen Ennerschrëfte bei de Comitésversammlungen.

Bei deem wesentlechen, bei de Rechter an der Matbestëmmung, as net vill méi erausgesprongen as wéi kënnen Fester a Versammlungen ze organiséieren, et kann een Aviën ofgin, oder et dierf een am Numm vun de Studenten a Gremien schwätzen, mä déi Menungen an Avië sin awer herno emol net bindend.

Et riskéiert een, dass dat zu esou eppes dégradéiert gët wéi d'Eltereverenegungen am Primär. Denen hir Fonktiounen bestin am Fong jhust doranner, fir Grillfester zum Schoulhofschloss dierfen ze organiséieren oder Suë fir d'Kolonien ze sammeln.

Et as unzuhuelen, dass d'SDL an d'Schüler schons frou waren, fir iwwerhaapt déi Comitéen duerchgeboxt ze kréien a wéi se dat bis errecht haten, du war hiren Hunger net méi esou grouss.

Et as och klor, dass dës Gremië sech elo müssen arodéieren, si müssen e bëssen Expérience gewinnen a si müsse sech bewähren. Dat as eng éischt Etapp, mä et muss een awer feststellen, dass ee vu reeller Matbestëmmung an den Nervenzone vum der Schoul nach näischt fënt. Ech stelle mer dobäi e Modell vir, wéi et en zum Beispill am Héichschoulesgesetz gët, wou d'Studente mat am Conseil d'administration sëtzen. De Secondaire funktionnéiert natierlech e bëssen anescht, mä am Ausland gin et vereenzelt Lycéen, déi awer esou Structure vu Matbestëmmung an deem Genre kennen.

Mat esou Iddien sin eise konservative Schoulsystem an hir Direktiounen, déi jo och gutt opgepasst hun, wéi déi Reglementer ausgeschafft gi sin, datt wierklech och Fouss bei Mol gehale gin as, de Moment nach e bëssen iwwerfuerdert, mä op där anerer Säit kann ee soen, dass mer frou sin, dass schon esou vill dobäi erauskomm as.

An der Kommissioun as och d'Fro gestallt gin, ob d'Comitéen zum Beispill Tables rondes mat Parteien organiséieren kënnen oder méi generell kënnen politesch aktiv gin.

Hei muss een oppassen, dass een nët zwou Saache matenee verwiesselt. Eleng de Fait, dass déi Comitéen funktionnéieren a wéi se funktionnéieren, as Politik am wäiteste Sënn. Déi Jonk erliewen, an ech betounen den « er », nët an dréchene Couren, nët an de Bicher, mä an der Praxis d'Mechanismen an d'Ofleef vum der Demokratie. Si spillen eng Rei Scénarioën duerch a si huelen dann hiert Emfeld an d'Politik allgemeng méi kritesch ënnert d'Lupp.

Zu denen Aktivitéite gehéiert da bestëmmt och, dass een Tables rondes mat politesche Vertrieder organiséiert, fir eng Meinungsbildung ze maachen. Sécher erwächt dat bei deem engen oder anere méi gesellschaftlechen Engagement, wat een als Politik am wäiteste Sënn ka verstoen. Mä dat sin alles ganz wäertvoll Erfarungen, fir déi Jonk zu kompetenten an engagierten Acteuren an der Sociétéit ze forméieren.

Wa Politik an der Schoul heescht Entwécklung vu sozialer Kompetenz a gesellschaftlechem Engagement, da steet d'DP och ganz klor fir dës Prinzip. Mä grad esou klor soë mer awer och, datt keng Parteipolitik dierf an d'Schoul eragedroë gin. D'Parteië sollen nët « pignon sur banc » an de Schoule kréien an d'Schülercomitéen müssen iwwerparteilich bleiwen, och wa vläicht een oder deem anere Member vun engem politesche Mouvement as oder do engagiert gët.

D'DP kann hiren Accord zu dësem Projet gin, well et och eng vun eise schoulpolitesche Revendikatiounen war an as, a well heimat de Schüler hire Revendikatiounen Rechnung gedroë gët.

Et stellt en éischte konkrete Schrëtt a Richtung vu méi Notauschteren op déi Jonk a méi Matbestëmmung vun dene Jonken duer. Grad d'Schoul as e ganz wichtigen Usazpunkt, well sech hei e wichtigen Deel vun hirer gesellschaftlecher Integratioun ofspilt.

Dës Gesetz soll awer nët den Endpunkt sin, mä éischter eng Startlinn. Mir müssen nach weiderhi vill Effort maachen, fir d'Kultur vun der Matbestëmmung an de Schoulen ze fördern. Dës Kultur misst am Fong geholl schon eng Selbstverständlechkeet sin oder si muss et gin am alldiegleche Schoulliewen, am alldieglechen Zesummeliewe tëschent de Schüler, den Enseignantën an der Direktioun.

Dës as leider nach nët de Fall an doru muss weider geschafft gin. Enner anerem müsse mer dofir eis Methoden an eise Schoulen iwwerdenken. Wéi gesot, dësem Gesetz

kënne mer zoustëmmen. Et as e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Den Här Marc Zanussi huet d'Wuert.

**M. Marc Zanussi (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Erlaabt mer, aganks der Rapporterin, der Mme Nelly Stein, merci ze soë fir hire schrëftlechen a mündleche Bericht, deem d'Diskussiounen an der Kommissioun getrei erëmgët.

Mir liewen an enger Zäit, wou de Wonsch no erweiterter Matbestëmmung queesch duerch sämtlech Alterskategorie vum eiser Populatioun ëmmer méi pousséiert gët, sief dat Kanner, sief dat Schüler, sief dat Biirger am Duerchschnittsalter, sief dat Biirger am drëtten Alter, wou fir Revendikatiounen no méi Matbestëmmung duerch hir Altersorganisatiounen ëmmer méi an de Virdergrond vun hirer dagdeeglecher Aarbecht gedréckt gin.

D'Politik muss op déi do Ufuerderungen, ménger Aschätzung no, positiv reagieren a si muss de Courage hun, déi bestoend Structure vun der gesellschaftlecher Participatioun ze iwwerdenken, sief dat op nationalem, kommunalem oder op institutionellem Plang.

E fruchtbaren Terrain, fir déi do Experienzen ze maachen, as ouni Zweifel dee vun der Jugend. Et kéint een hei dee selwechte Plädoyer halen, deem d'Deputéiert gehalen hun, déi eng Proposition de loi iwwer d'Reduktioun vum Walalter virbruecht hun, déi och an d'Richtung vu méi Participatioun bei jonke Leit geet, well bal alles dat, wat deemools als Argumentatioun vun den Auteurs vun där Proposition de loi Gëltegkeet hat, huet och Gëltegkeet bei dësem Gesetzestext.

D'Diskussioun iwwer d'Schülercomitéen gët et säit uganks de 70er Joren an deemools scho waren et Bestriewunge gin, fir Schülerverriedungen op d'Been ze setzen, déi de Schüler et géingen erlaben, am Kader vun engem Forum méi Matbestëmmung ze kréien.

Déi Iddi, déi deemools am Ausland schon eng Rei vun Erfarungen hat, as zu Lëtzebuerg nët realiséiert gin op Grund vum felende politesche Wëlle vun den deemools responsible Politiker.

Knapp 30 Jor no där do Entwécklung an, no dem Drock, no den Diskussiounen an de Schülerdemonstratiounen, déi mir déi lescht Méint zu Lëtzebuerg kann hun, huet sech d'Menung vun de politesch Responsible geännert a mir hun haut d'Chance, dierfen iwwer de Projet de loi iwwer d'Schülercomitéen ze diskutieren.

*(M. Jos Scheuer prend la Présidence)*

Et as ouni Zweifel e grouss Succès fir d'Schülerorganisatiounen, déi sech fir deem heiten Thema breetgemaacht hun. Ech wëll heimat d'Ministerin félicitéieren, dass se dee Wandel matgemaacht huet, d'Zeeche vun der Zäit erkannt an et fäerdegbruecht huet, am Dialog mat de Schülerinnen, de Schüler an den Direktiounen dës Projet de loi auszuschaffen an déi zousätzlech Reglementer auszediskutieren, bis bal op dee leschte Punkt, zu engem Konsens.

De Regierungstext, dee mir am Ufank an der Kommissioun virléien haten, war relativ kuerz gehalen an huet ledeglech vun der Schafung vun de Schülercomitéen geschwat a vun der nationaler Representatioun.

D'Kommissioun an de Conseil d'Etat waren awer der Meinung, dass ee fir d'Bedeitung vun de Schülercomitéen ze erhéien, hir Aufgaben an enger geraffter Form am



Gesetzestext misst festhalten. D'Kommissioun huet sech dorophin dem Avis vum Conseil d'Etat ralliiert an d'Aufgaben am Text a geraffter Form festgehalten, esou wéi se vidru vun der Mme Stein zitéiert gi sin.

Ee Punkt, dee bei där Diskussioun vläicht ze kuurz komm as, as d'Tatsaach, dass ëmmer nach d'Situatioun besteet, dass bei allen Aktivitéiten, déi an der Enceinte vun der Schoul gemaacht gin, d'Direktoren d'Responsabilitéit hun. Et kann ee sech virstellen op Grond vun deem schrecklechen Accident, wat mer virun e puer Jor haten, dass dat méiglecherweis kënn dozou féieren, dass d'Direktoren retizent si bei den Aktivitéiten vun de Schülercomitéen.

Et versteet een, dass d'Direktoren keng Responsabilitéit iwwer Aktivitéiten kënnen iwwerhuelen, déi se net veräntwerte kënnen. Et bleift ze hoffen, dass de gesonde Mënscheverstand - an dat Gesetz hei huet jo zum Zil, de gesonde Mënscheverstand ze provozéieren - dozou féiert, dass dat net zu onnéidege Konflikter wärd féieren.

Iwwer d'Aktivitéiten an d'Méiglechkeet vun deem Schülercomité as hei scho vill geschwat gin. Ech sin net ganz mat den Ausféierungen vum Här Berger d'accord, dass souwuel am Gesetz wéi am Règlement hinnen net genuch Méiglechkeet gebuede gin, fir aktiv matzeschaffen. Ech fannen, dass deen Text, wéi en hei virläit, och wat d'Matbestëmmung ubelaangt, e wäertvollen éischte Schrëtt as an et as bestëmmt net fir d'lescht, wou mir an deem Kader iwwer d'Matbestëmmung vun de Schülerinnen a Schüler diskutéieren. Et sollt een et éischer positiv wéi negativ duerstellen.

Et as richtig, dass am Gesetz net iwwer politesch Aktivitéiten prezis geschwat gin as. Dat as klar. Mä d'Kommissioun huet drop gehalen, dass am schrëftleche Rapport vun der Presidentin festgehale gin as, dass esou Aktivitéiten selbsterständlech ënnert de Kader vu kulturellen a soziale Veranstaltungen solle falen, insofern - an dat gouf hei schon déi eng oder aner Kéier widderholl - et sech net kann ëm politesch eesäiteg Veranstaltungen, respektiv Walveranstaltungen handeln.

Dat Element Politik as an deem Zesammenhank ëmsou méi wichteg zu engem Zäitpunkt, wou d'Schoul an d'Schoulproblemer ëmmer méi zu engem Politikum gin, zu engem Zäitpunkt wou ëmmer méi haart driwwer nogeduecht gët, wéi ee jonk Leit méi staark um gesellschaftleche Liewen an un der Politik bedeelegt kann.

Et wär awer eng Illusioun ze mengen, dass d'Schülercomitéen d'Interesse vun hire Kollege vertriebt kéinten ouni derbäi politesch, respektiv gewerkschaftlech Akzenter ze setzen. Et wär och naiv ze mengen, dass een an Zukunft mat pflegeleichte Schülercomitéen kënn rechnen. Et wärd sécherlech op där enger oder anerer Plaz onbequem Partner gin, well ee Partner weider an dem Diskussionskrees huet ëmmer zur Konsequenz, dass de Spillraum vun dene virdrun Aktiven an hir Kompetenzen aageschränkt gin.

Allerdings muss sech och erausstellen, wéi grouss dass d'Ambitiounen vun de Schüler an deem do Aktivitéitsfeld an Zukunft wäerte sin. Sécherlech gët et vu Gebai zu Gebai ënnerschiddlech Interesselagen an et wärd zum Resultat hun, dass net an alle Gebaier iwwerall komplett Schülercomitéen zustane wäerte kommen. Dat huet méiglecherweis awer och dermat ze din, dass mer dat als Resultat vun engem jorzéngtelaangen Defizit an der Praxis vun der direkter Matbestëmmung hun.

Et wärd um Ufank sécherlech net einfach gin, well mer hei am Land an deem Beräich vun der Matbestëmmung net allzevill Erfahrung hun an et muss een hoffen, dass duerch dat Gesetz hei d'Partner dozou opgeruff gin, am Verständnis mateneen ëmzegoen. Mir kënnen nëmmen hoffen, dass de gesonde Mënscheverstand et erlaube wärd, trotz denen engen oder anere Lücken, déi vläicht am Règlement oder am Gesetz nach dra sin, dass trotzdem eng konstruktiv Aarbecht derbäi erauskënnt.

Beim Règlement grand-ducal konnt, bis op déi véier Punkten, déi net ofgekläert sin, e Konsens fond gi souwuel mat der Schülerdelegatioun, mam Ministère wéi mat den Direktiounen. Op véier Punkte konnt kee Konsens fond gin, op d'mannst net bis zu deem Datum, wou d'Kommissioun getaagt huet.

Dat eent as d'Fro vun dem Rapport pédagogique. Do muss ech fir mech perséinlech soen, dass dat en duebelschneidegt Schwäert as. Dee Rapport kann dozou féieren, je nodeem wat dra stoë kënn, dass méiglecherweis no der Publikatioun vun deem Rapport keng Kanner méi wëllen an dat Gebai goen. Esou laang mer keng Carte scolaire hun, kënn dat eng negativ Konsequenz sin. Op där anerer Säit kann een natierlech och soen, d'Schüler sollen d'Recht hun iwwer den Zoustand vum Gebai an iwwer den Zoustand vun der Stëmmung vun de Schüler ze schreiwe wat se wëllen. Ech wëllt jhust heimat ze bedenke gin, dass dat sécherlech en duebelschneidegt Schwäert as.

Déi zweet Fro, déi onklar as, as, ob d'Schüler solle während de Schoulzäiten tagen oder ausserhalb vun de Schoulzäiten. Do kéint ee sech vläicht referéieren op d'Ausschussgesetz, wou gewielten Delegatiounen e Minimum vu Méiglechkeeten hun, fir während der Aarbechtszäit ze tagen. Et kann een natierlech verstoen, dass déi ganz Aarbecht vun de Schülercomitéen net an de Schoulzäite ka gemaacht gin. Dat misst jidderengem allichten.

Absolut noutwendeg fannen ech et awer, dass iwwer de Wee vun de Finanzen de Schülercomitéen e minimale Budget muss zur Verfügung gestallt gin, ansonsten hiirt Schaffen net méiglech as. Ech ka mer net virstellen, dass de Ministère oder de Lëtzebuerger Stat un dene puer Moyerën, déi do mussen zur Verfügung gestallt gin, géing scheitern. Do fannen ech, dass misst eng positiv Zoustëmmung kommen.

Eng lescht Fro, déi nach opsteet, as déi iwwer d'Représentatioun vun de Classes inférieures, ob een oder zwee Schüler pro Klass solle vertruede sin. Do misst et och méiglech sin, wéi op denen anere Punkten, mat der Schülerdelegatioun a mat der Direktioun eng Enegung ze fannen.

Dee Projet, dee mir haut diskutéieren, as e richtige Schrëtt an d'Richtung vu méi Matbestëmmung. Et as awer nëmmen een Element vun der erweiderter Participatioun. Weider Initiative mussen vu Säite vun der Regierung kommen.

Ech erënneren do un den Dossier, deen de Jugendminister Alex Bodry iwwer d'Participatioun vu jonke Leit ausgeschafft huet. Do mussen op legislativem Plang Konsequenze folgen.

Ech hoffen, dass mer um Enn vun där heiten Diskussioun irgendwann d'Parteien dozou iwwerzeegt kréien, fir a Richtung vu Reduktioun vum Walalter ze goen, wat an der Meinung vun den Auteurs vun där Proposition de loi e wichtige Schrëtt a Richtung vu méi Participatioun wär.

Ofschléissend fannen ech, dass dat hei e flott Gesetz as, wat sécherlech säin Zweck wärd erfëllen, a bréngen den Accord vu ménger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Den Här Robert Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hun déi lescht Deg ëmmer vu groussen historeschen Deg fir d'Eislek oder ech weess nët fir wat geschwat. U sech as dat hei och e groussen Dag. 29 Jor nom Mee 1968 kënnt eng vun den Haaptrevendikatiounen vun deemools hei op d'Tapéit.

Ech muss zwar zugin, dass ech am Mee 1968 eréischt 13 Jor al war. Ech sin also e verpasstenen 68er, nët wéi aner Leit, déi heibanne sëtzen. An där Zäit tëscht 1968 bis vrun 1 1/2 Jor as oft vun alle Bänke beklot gin, dass d'Jugend vun haut zevill ugepasst wär, zevill lahm an zevill op hir Karriär aus wär. An déi selwecht Leit, déi dat bedauert hun, hun natiirlech och vläicht bedauert, dass et dun zu enger méi temperamentvoller Eruptioun vu verstoppte politeschen Talenter komm as.

Et as erstaunlech ze gesinn, dass trotz dene ville participativen an demokratesche Strukturen, déi mir an eisem Land hun oder sollen hun, et d'normativ Kraaft vun der Strooss as, déi leschtendlech dozou féiert, dass laang geheegte Wënsch a Sehnsüchten endlech Realitéit gin.

Déi Mesür hei gët vun alle Bänke begréisst a si as effektiv eigentlech nëmmen ze begrëssen. Et muss een natiirlech eng kleng Aschränkung maachen. Et handelt sech hei och ëm e machiavellistesche Schrëtt. Et as e bëssen ähnlech, wéi ech et an engem Buch gelies hun iwwer d'Legalisierung vun de Gewerkschaften a Frankräich Enn des 19. Jorhonnerts.

An der franséischer Assemblée waren heftig Debatten an du war et der Intervention vun engem Deputéierten ze verdanken, dass et awer zu der Legalisatioun vun de Gewerkschaften komm as, well e gesot huet, et as ëmmer nach besser, Dir hut e legale Vertrieder un engem Dësch, deen ziviliséiert as, wéi dass Der wëll Streiken an alle Betriber hut.

Dee machiavellistesche Geescht, deen huet och e bëssen dëst Gesetz beaflosst. Well et as effektiv, no zwee massiv befollegte Streiken, fir de Ministère an aner Interlocuteurs ëmmer méi gönschteg, si hun e bësse méi gemittlech a politesch verséiert Jugendlecher ronderëm en Dësch sëtzen, wéi dass d'Jugend geschlossen op d'Strooss geet.

Dat beinhalt natiirlech och e bëssen d'Geför, dass den Impetus, deen an der Jugendbewegung ze spiere war säit zwee Jor, e bëssen an der Bürokratie kënnt versanden. Ech hoffen, dass et duerch déi Strukturen nët dozou féiert, dass no e puer Jor Routine et sech ëm déi üblech Routine - an Alibiinstitutionen handelt, wéi dat och am Kader vun Conseil d'éducation a verschiddene Gebaier de Fall as.

Ech wëll nët an den Detail vum Projet goen. Den Här Berger an den Här Zanussi si genau esou an den Detail gaang wéi d'Mme Rapportrice. Ech wëll nach eng Kéier dräi speziell Problemer opwerfen. Dat eent as de Problem vun der Politik an der Schoul. Nët nëmmen eis Jugendsektioun, déi jonk Gréng, hun e Motto erausgin: « Méi Politik an d'Schoul », an et as nët aus deem Grond, well ech elo eiser aufmüpfeger Jugend muss aus dem Napf iessen, dass ech elo dat do verrieden, mä ech fannen och, dass et méi Politik muss an der Schoul gin an esouguer och nach méi Parteipolitik.

Ech war e bëssen erstaunt driwwer, wéi ech déi Fro opgeworf hun, wéi an deem Text jhust eppes stong vun « à caractère social et culturel », dass vehement gesot gin as, d'Politik an d'Parteipolitik musse mer do eraushalen.

Besonnenesch och huet mech d'Reaktioun vun engem Vertrieder vun der sozialistescher Partei erstaunt, deem séng 68er orientéiert Kollege Gesetzespropositiounen abruucht hun, fir d'Walrecht, bezéiungsweis d'Walflicht op 16 Jor erofzesetzen, - dat betrëfft awer mat deem Altersprozess vun der heiteger Lycéesjugend waarscheinlech d'Halschent vun der Schülerpopulatioun - dass dee sech vehement dogéint wiert, fir d'Parteipolitik an d'Schoul ze huelen.

Ech sin zwar och ganz d'accord, dass een nët soll an der Schoul ufänke Parteieständdëscher ze organiséieren, mä esou ze maachen, wéi wann d'Parteien nëmmen an engem dréchene Cours d'instruction civique virkommen an am Alldag vun der Schoul nët, dat as jo awer trotzdeem eng Illusioun.

Ech mengen, deen Text hei géif esouguer esou Banalitéite verhënnern, wéi eng Pinwand ze maache wou all Partei hiren halwe Quadratmeter huet. Hei an deem Text kënnt den Direkter soen, dat as nët virgesinn am Reglement vun de Schülercomitéen. Ech géif dat awer zimlech bedauern, well deen Apprentissage, deen d'Schüler jo, wéi den Här Berger och sot, duerch déi Praxis vun dene Schülercomitéen maachen, soll awer nët ofgeléist si vun der Realitéit dobaussen, an d'Realitéit dobaussen - et deet mer leed - dat sin awer emol d'Parteien, well ech gesinn, ausser e puer Gruppéierungen, déi zur ausseparlamentarescher Oppositioun gehéieren, weider keng politesch Strukturen, déi eigentlech herno deen Apprentissage, deen déi Schülerinnen a Schüler an dene Comitéen maachen, opfänken.

Ech erënnere mech selwer, am Alter vun 13 Jor hate mir an deem Lycée wou ech war esou en ad hoc Schülercomité. Wann ech mech haut erënnern un déi Leit, déi deemools virun den Tables rondes soutzen, och virun de Walen, esou as et interessant feststellen, a wéi enge Parteien an op wéi enge Poste se mëttlerweil gelant sin. Op jidde Fall sin eng ganz Parti vun denen, déi deemools verkünt hun, si wiere kenger Partei no, awer herno iwwer mindestens eng Parteikaart an eng gewësse Karriär gelant, esou dass ee sech wierklech keng Illusiounen soll maachen, dass déi Verdelung vun de Kaarten an de Schülercomitéen total ofgehuewe wir vun der parteipolitescher Realitéit.

Ech fannen och zum Beispill, dass e Schülercomité misst d'Recht hun, virun de Walen an enger Schoul eng Table ronde mat sämtleche Parteien ze organiséieren. Dat hu mir zwar effektiv sous-jacent am Text vum Rapport geschriwwen, mä wien erënnert sech nach herno an zwee Jor un deem Text, deen am Rapport steet. Fir den Direkter vum Gebai as et wichteg, wat am Gesetz a wat am Reglement steet, a wann him dat nët gefällt, fir eng Table ronde ze maachen, da seet hien einfach neen an dann as et esou.

Deen zwete Problem as och schon ugeschwat gin. Dat as dee vun de materielle Voraussetzungen. Ech sin dergéint, fir elo aus de Schülerdelegéierten quasi Gewerkschaftsfunktionären ze maachen, mä ech mengen, e Minimum vun Infrastrukturen, e Raum fir sech ze versammelen, vläicht e Computer, vläicht e puer Facilitéte fir Fotokopien ze maachen an eng Pinwand, dat sin einfach esou minimal Infrastrukturen, déi jiddereen awer brauch, fir ze schaffen.



A schliesslech dee leschte Punkt, deen ech nach kuurz wëll soulevéieren, dat as deen, wéi geléngt et méttelfristeg, déi monolithesch Struktur vun engem Schülercomité, dee jo nëmmen aus Schüler besteet, an déi Quadripartite, déi et an enger Schoul gëtt tëschent der Direktioun, de Proffen, den Elteren an de Schüler, eranzebréngen.

Et as jo vun der Mme Ministerin scho widderhuel beklot gin, dass d'Conseils d'éducation nët ëmmer esou funktionnéiere wéi se misste funktionnéieren. Ech hun och ënnerschiddlech Echoën aus ënnerschiddleche Schoulen. Bei denen enge läit et un de Proffen, well déi keen eraschécken. Bei denen aneren un den Elteren, bei aneren un der Direktioun, well se keng Dynamik erabrénge.

De Moment as et jo esou, dass et haaptsächlech vun der Direktioun aus Impulser muss gin, fir dass dat Liewen innerhalb vun der Schoul dynamiséiert gëtt. Et si jo Beispiller vu Lycéën a Lycées techniques bekannt, wou scho virun där heiter Gesetzgebung e Genre vu Schülercomitéën existéiert huet, déi awer drop zrëckzeféiere sin, dass d'Direktioun eng voluntaristesche Politik an déi Richtung gemaacht huet.

Ech fannen, dass ee sech awer muss an Zukunft Gedanke maachen, wéi een déi Struktur vun de Schülercomitéën an déi Quadripartite agencéiert, fir dass nët herno déi divers Représentatioune vun de Proffen, vun den Elteren a vun de Schüler einfach niewentenee schaffen an do keng Dynamik am Sënn vun enger innerschoulescher Demokratie entsteet.

Ceci dit, kënne mir awer dësem Projet, d'autant plus wou och schon d'Reglementer virleien, eisen Accord gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och vu ménger Säit e Merci un d'Mme Rapporteur an un all déi, déi un dësem Projet matgeschafft hun.

An der heiteger Gesellschaft gëtt ëmmer méi vu Matbestimmungsrecht, sozialem Dialog an Emanzipatioun geschwat. Dës Prinzipien hu sech op villen Niveauën duerchgesat a féieren zu engem bessere géigesäitege Verständnis tëschent de Sozialpartner. D'Schoul allerdéngs as bei der Duerchsetzung vun dësen Prinzipie bis elo ëmmer vergiess gin. Et brauch ee sech nët doriwwer ze wonneren, well eisen zoustänneg Ministère glänzt nët grad um Gebitt vun der Dialogbereitschaft.

Erënnere mer un e puer Themen, déi jhust duerch Mangel un Dialogbereitschaft zu Problemer gi sin : d'Chargés de cours, Iwwergangsbestëmmunge vum Primär an de Secondaire oder d'Personal vum sozio-pedagogesche Secteur.

De Projet, deen elo virläit, weist nët op eng nei Astellung bei dësem Ministère hin zum Thema Dialog. De Projet as op Drock vun der Strooss hin entstanen. Duerch e Jumbostreik an duerno duerch de bekannte Schülerstreik, wou d'Schüler bewisen hun, dass si hir Responsabilitéiten iwwerhuelen a sech fir hiirt Uleies asetzen, as dëst Gesetz zustane komm.

Ech wëll nët méi op d'Detailer zrëckkommen. Méng Virriedner hun dat genuch hei gemaacht. De Projet as e Schrëtt an déi richteg Richtung, nämlech de Schüler a senger Entwécklung zum Bürger hin ze ënnerstëtzen zu engem Mënsch, dee selwer denkt, selwer entscheet a kritikfäeg as. Heimat soll d'Schülerdelegatioun d'Méiglechkeet kréien,

d'Schüler bei Direktioun an anere Partner am Schoulwiesen, am Bildungsrot iwwer eng national Schülerkonferenz ze verrieden a kulturell, sozial a sportlech Manifestatioune, Organisatioune, Aktivitéiten also ze organiséieren, a Kommissiounen ze bilden, déi Virschléi ausschaffe wat d'Schoulwiese betrëfft.

D'Schoul kann nët méi weider eng Institutioun sin, wou Wëssen agegriichtert gëtt. Dobäi gëtt allzevill oft d'Entwécklung vum jonke Mënsch zu engem verantwortleche Matbürger vernoléisst. Allerdéngs muss och do en Emdenke bei Léierpersonal a Schouldirektioun kommen. D'Schülerverriedunge mussen vun hinnen eeschtgeholl gin. Als Partner an der Diskussioun ëm eng noutwendeg Verbesserung vum Schoulwiese mussen si aktiv un der Gestaltung vun där neier Schoul bedeelegt gin.

Konstruktiv Virschléi vun de Schülerdelegatioune mussen esou wäit wéi méiglech an den definitiven Entscheedungen berücksichtegt gin. Wann dat nët geschitt verléieren d'Schüler séier all Illusioun. Si gin demotivéiert an hu keen Interesse méi fir sech anzusetzen.

Den Text, ënnert där Form wéi mir en elo virleien hun, kann een nëmmen als e Kadergesetz gesinn. Déi wichteg Detailler wéi Walmodus, Zesummesetzung a Kompetenze vun der Delegatioun gin duerch Reglementer festgeluegt an do bleiwen dann nach eng Rei vu Froen iwwer d'Reglementer zum Beispill. Iwwer déi zwee, déi bis elo preparéiert sin, kréie mir gesot, well nach kee Gesprächspartner do wir fir se kontradiktoresch ze diskutéieren, wire se nach nët fäerdeg.

Mir kréien och versprach, dass d'Regierung bei der Aféierung vun dësen Reglementer nët d'Procédure d'urgence invoquéiert. Dat heescht also, dass d'Regierung nach weider mat alle Konzernéierten, och den Deputéierten, iwwer dës Reglementer schwätze wëllt.

Eng aner Fro as : wéi steet et mam Iwwerhuele vun der Responsabilitéit bei Manifestatioune vum Schülercomité, déi jo a Gebaier stattfanne kënnen, déi ënnert der Responsabilitéit vum Direkter stin ? Et as och hei op e grijhelecht Accident higewise gin an deem Zesammenhank.

Och iwwer d'Fonctionnementskäschte vun de Schülerdelegatioune besteet nach keng Klorheet.

Eng aner Fro : fënt dat Ganzt innerhalb der Schoulzäit statt a wéi as et da mat den ausgefalene Schoulstonnen ?

Eng wichteg Fro as déi : wéi gëtt verhënnert, dass sech parteipolitesch Clanën ënnert de Schüler an hiren Delegatioune bilden, a wéi gëtt all parteipolitesch Manipulatioun duerch Drock op Schüler ausgeschloss ?

Trotz all dësen Bedenken as den ADR derfir, d'Jugend esou fréi wéi méiglech um aktive Liewen an un Entscheedungen zum Schoulwiesen ze bedeelegen. Mir hun dat och bewisen hei am Haus bei den Debatten iwwer d'Erofsätze vum Walalter fir déi Jugendlech a bei eiselem Asaz, fir bei de Jugendlechen eng Emfro ze organiséieren iwwer hir Problemer.

Ech kann also hei den Accord vu ménger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

**M. le Président.**- D'Wuert kritt elo den honorablen Här René Kollwelter.

**M. René Kollwelter (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech géif ulässlech vun den Diskussiounen vun dësem Projet d'Ministesch félicitéieren, dass se de Courage hat fir dësen Projet virzeleën, well dat e

wichtigen Akt as, dee ménger Meinung nō e modernen Fonkctionnéiere vun der Communauté scolaire erméiglecht a well et och e positiven Akt as an enger Zäit, wou ech der Meinung sin, dass de Ministère vun der Education nationale ville Kriticken, enger Rei berechtigten an onberechtigten, ausgesat as. Ech géif an deem Zesummenhank souwiso d'Mme Minister opfuederen, fir sech nēt einfach esou an de Ring drécken ze loossen, mä fir sech e bēsse méi ze artikulieren zu prinzipielle politeschen edukative Froen. Ech mengen, dass mer da kēnnen aus där méi schwiriger Situatioun, an där mer de Moment an der Erziehungsolitik sin, erauskommen.

Ménger Meinung no as dat heiten ee vun dene Projēten, deen e bēssen an déi Richtung geet. Ech géif se also dofir wēlle félicitieren, och well et vun enger CSV-Ministesch kēnt a mir alleguer wēssen, dass d'CSV jorelaang um Plang vun der Participatioun, vun e bēsse méi Beliewung vum Milieu scolaire ēmmer méi Schwirigkeiten hat fir sech ze artikulieren. Ech sin also frou, dass mer elo d'Méiglechteet hun, fir op méi enger aktueller Basis dës Communauté scolaire ze animieren an och an dēsem Fall duerch e Gesetz ze reglementieren.

*(Interruption)*

Da géif ech lech matdelen, Här President, dass, wēi elo grad scho gesot gin as vun enger Rei Virriedner, et an enger Zäit wēi haut wichtig as, dass een och vun der Politik hir all Efforen ēnnerstēzt vu Leit, déi sech zesumme wēllen din, fir gemeinsam Interessen ze verteidegen, oder Interesse vun der Gesellschaft oder vun enger Form vu Gesellschaft. Hei handelt et sech ēm d'Gesellschaft vun der Education scolaire. Ech sin der Iwwerzeugung, dass et wichtig as, dass d'Politik esou Efforen ēnnerstēzt an engem Moment, wou mer ēmmer méi konfrontiert si mat Phenomenen vun Egoismus an Individualismus.

Ee vu ménge Virriedner, ech mengen, et war den Här Garcia, huet sēng Gedanken an och sēng Wieder zréckgeschrauft op d'Jor 1968, wou eigentlech fir d'ēischt esou Comités d'élèves fonkctionnéiert hun. Allerdēngs, an ech schwätzen do e bēssen aus Erfahrung, well ech e bēsse méi al si wēi den Här Garcia, - iwwerens Här President, soen ech lech merci, dass Der mer félicitiert hut fir méng 48 Jor, déi ech haut op den Dag krēien, esou dass Der kēnt norechne wēi al dass ech 1968 war - hun do d'Comité d'élèves fonkctionnéiert ouni gesetzlech Basis, einfach doduerch, dass se sech selwer krēiert hun. Et gi jo normalerweis zwou Aart a Weisen, wēi e Comité kann an d'Liewe geruff gin, engersäits dass e sech selwer krēiert an haut, 1997, as et jo e bēssen d'selwecht gaangen. Et as e Mouvement vun der Basis komm, dee sech selwer krēiert huet a wat mir haut maachen as eigentlech eng Legalisierung vun enger Situatioun, déi sech eigentlech schon an der Gesellschaft, respektiv am Milieu scolaire entwēckelt huet.

Dat fannen ech e ganz normale Phenomeen an där Gesellschaft wou mer haut liewen, wou ee gesäit, dass d'Politik oft e bēssen hannert der Entwēcklung leeft, haaptsächlech hannert där gesellschaftlecher Entwēcklung, an dass et vläicht oft de Rôle as vun der Politik, fir déi gesellschaftlech Bewegungen, déi aus der Gesellschaft selwer erauskommen oder vun ēnnen eropkommen, wouer ze huelen an dann ze kücke fir hinnen eng Basis ze gin. Dat as de Rôle vun der Politik haut a gesellschaftleche Froen, virun allem an dēser, mä et gin och eng Rei anerer vun dene mer haut nēt hei schwätzen. Dofir wēll ech och

nēt an d'Detallier goen. Mä dat wat am Milieu scolaire geschitt as sécherlech nēt eleng an dēser Entwēcklung ze betruechten.

Et geet also drēm, fir d'Communauté scolaire frēsch ze organisieren, frēsch ze beliewen, fir dem Zesummeliewen, dat an enger Schoul souwisou besteet, eng nei Basis ze gin, fir enger Form vu Kohabitatioun, déi souwisou scho laang bestanen huet, eng gesetzlech Basis ze gin an domadder och d'Rechter vun all denen Elementer, déi an där Communauté scolaire sech artikulieren a liewen, mat hire Pflichten an hire Responsabilitēiten ofzesécheren.

An der Communauté scolaire hu mer normalerweis ausser de Schüler, vun denen haut haaptsächlech Rieds geet, natirlech och aner Kategorien, wēi d'Enseignantēn, déi ech gutt kennen, an d'Parents d'élèves, déi ech natirlech och gutt kennen.

Mä wat interessant as an dēsem Zesummenhank a well mer haut haaptsächlech vun den Elève schwätzen, as, dass et bei der Communauté scolaire eigentlech zwou Kategoriē vu Leit gin, graff geschwat. Engersäits déi, déi méi wēi 18 Jor hun, an anerersäits déi, déi manner wēi 18 Jor hun.

Loosst mer emol vläicht bei dene bleiwen, déi méi wēi 18 Jor hun. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob dat eigentlech nach enger moderner Gesellschaft entsprēcht, wou mer an enger Communauté scolaire Schüler hun, déi 18 Jor hun, déi sech dāferen aktiv un de legislativen an de kommunale Wale bedelegen, awer wa se moiēs um 8.00 Auer an d'Schoul gin, da krēie se hir Rechter an der Entrée vun der Schoul ofgehoff. Si gi bal entbiirgert an der Schoul, géif ech soen, well an der Schoul bis elo eng aner Praxis bestanen huet an och eng relativ vertikal Organisatioun fonkctionnéiert, déi d'Rechter vun de Schüler bis elo wēnig a Betruecht gezun huet. Et as zumindest eng vun dene Konklusiounen, zu där ech persēnlech komm sin.

Mir hun also engersäits Schüler, déi méi al wēi 18 Jor sin, déi ausserhalb der Schoul voll Biirger sin, awer innerhalb der Schoul entbiirgert gin. An dann hu mer anerersäits Schüler, déi manner wēi 18 Jor al sin a wou ech persēnlech der Meinung sin, mat anere Kollegen heibannen, - mir sin nach keng Majoritéit, mä mir gin eng Kéier eng Majoritéit an et wāerd nēt méi laang daueren - dass et wichtig wär, wa mer géifen enger Rei Schüler, déi manner wēi 18 Jor al sin, virun allem um kommunale Plang och biirgerlech Rechter gin. Mais ça c'est une autre paire de manches.

Doriwwer hu mer schon diskutiert an diskutiere mer nach eng aner Kéier.

Donieft hu mer nach zwou aner Institutiounen, kann ee scho bal soen, déi och an der Communauté scolaire fonkctionnieren oder en Agrēff dran hun, och wann et vläicht keen direkten as.

Dat eent as natirlech de Ministère selwer, an dann hu mer dee Grupp vun den Direktere vun dene verschiddenen Etablissements scolaires vum Postprimaire, wourop ech nach wāerd ze schwätze kommen. Déi zwee, souwuel de Ministère, wēi och d'Direkteren - dovu sin ech iwwerzeegt -, hu vläicht wēi gesot nēt esou eng direkt Roll ze spillen, mä sécherlech, an och am Zesummenhank mat dēsem Gesetz, eng wichtig Roll, fir herno dat Ganzt och um Liewen ze halen.

Ech wēll direkt virausschécken, dass māl Vertrauen, fir dat um Liewen ze halen, méi grouss as vis-à-vis vum Ministère wēi vis-à-vis vun den Direkteren, well ech genau weess - ēischens aus Erfahrung, an-zwetens, well ech och vill Direktere kennen -, dass d'Direkteren et léiwer hun, et

spillt sech alles no deem normale Procédé of, wou alles roueg bleift an déi traditionell Schoul gehale gët, a well alles dat, wat anescht as wéi dat traditionellt Schoulhalen, hinnen éischstens Problemer mécht a se zwetens och selwer e bëssen aus hirem Train-train eraushëlt, hinnen domat zousätzlech Problemer bréngt.

Dowéinst si se och oft retizent, fir sech neie Forme vun Dialog, dee jo hei héichgehalé gët an dësem Rapport, och vun der Mme Stein, ze stellen. Dowéinst géif ech hei widerhuelen an e feierlechen Appell maachen, nët un d'Ministesch, vun där ech weess, dass se mat där heiten Dialogbasis, déi an dësem Gesetz dra steet, manner Problemer huet, mä un d'Direkteren, fir dat heite Gesetz nët nëmme gutt ze liesen, och d'Règlements d'exécution natiirlech, mä et och ze applizéieren.

Ech mengen, dass do d'Politik, nët nëmme d'Ministesch eleng, a mir alleguer heibanne gefuerdert sin, fir mat där noutwendeger Dynamik dohannert ze bleiwen, a bei dësem Gesetz, wéi och an aneren, as d'Châmber vläicht och gefuerdert, fir nët nëmme dat hei haut ofzesenen a sech nët méi drëm ze këmmen, mä fir all denen, déi der Meinung sin, dass dat, wat an dësem Gesetz steet, richtig as, d'Moyenën ze gin, fir no enger gewëssener Zäit ze kucken, wéi déi Saach sech entwéckelt huet.

Wa mer also schwätze vun enger Schoul an, wat mech am meeschten interesséiert, vun enger öffentlecher Schoul, da weess ech genau, dass hautdësdaags d'Kar vun der Schoul - d'Ministesch huet dat schon e puermol gesot gehat an öffentlechen Deklaratiounen - oft e bëssen ze voll geluede gët. Ech delen déi Appréciatioun, déi se schon op e puer Plaze gemaacht huet, well mir verpassen hei keng Diskussioun, ob dat am Umwelt-, am Schoulberäich selwer oder och an aneren as - wéi am Verkéiersberäich -, fir ëmmer erëm drop hinzewiesen, dass d'Schoul sech och där Problematik misst unhuelen.

Ech mengen, haut as dat eigentlech als Lieu commun ze considéieren, wat virun 20, 25 Jor - an do komme mer zrëck op 1968, Här Garcia - als revolutionär considéiert gin as; et as nämlech deemools geduecht gin, dass d'Schoul e rengen Caractère d'instruction hätt, wéi souguer eng Zäit, wann ech mech gutt erënneren, de Ministère geheescht huet, Ministère de l'Instruction nationale. Hautdësdaags heescht e jo Ministère de l'Education nationale, gléck-lecherweis.

Ech zumindest verstinn, sou wéi d'Mme Ministesch dat schon op verschiddene Plaze gesot huet, ënner der Education nët nëmme den Aspekt Instruction - dee wäerd sécherlech weiderhin eng ganz grouss Wichtigkeet behalen -, mä donieft och den Aspekt vun der Erzéiung, am Sënn vun enger Prise en charge vun engem Jugendlechen, deem am Ufank e Kand as, wann en an d'Schoul kënnt, dono en Adolescent gët an oft erauskënnt als Adulte.

Deen as konfrontéiert mat esou vill perséinleche Problemer, emol fir unzefänke mat sénger egener Entwécklung, an en huet oft vill Schwiregketen, Konflikter mat der Famill, mat séngen Elteren a mat aneren Autoritéiten, wat natiirlech och d'Schoul ka sin, séng Proffen, d'Direkteren asw., esou dass et wichteg as, dass d'Schoul zumindest en Effort mécht, d'Proffen an natiirlech virun allem d'Direkteren, an och hei hun ech méi Vertrauen an d'Proffen, wéi an d'Direkteren, obschon déi meescht Direktere fréier Prof waren.

Jiddefalls solle sech déi zwee bewusst sin, dass se konfrontéiert si mat engem Mënsch, deem an enger permanen-

ter Entwécklung as, wéi elo grad gesot, perséinlecher a gesellschaftlecher Entwécklung, wou ganz vill Drock op en zoukënnt. Séng Situatioun ënnerscheet sech och vun där, wéi mir an der Schoul waren, wou mer Perspektiven hate vu « plein emploi », vu Croissance asw., wou haut eng ganz grouss Angscht virun der Zukunft an de Knache vun dene Jugendleche stécht, esou dass ech fannen, dass esou Initiative wéi déi heite sech eigentlech areien an eng global Perspektiv vun enger Prise en charge vun engem Jugendlechen, fir e virzebereden op dat, wat op en zoukënnt.

Et soll een e bedelegen un deem, wat an der Gesellschaft décidéiert gët, an en awer och fréizäiteg konfrontéiere mat deem, wat en erwaart, wann en aus der Schoul erauskënnt. Mir haten dee Moment, wou mir aus der Schoul erauskomm sin, Méiglechkeet vun allen Zorten, fir en Emploi ze fannen - natiirlech haaptsächlech déi, déi vun der Universitéit komm sin - hautdësdaags as dat nët méi de Fall! Ech mengen, vun eiser Generatioun ka bal kee sech virstellen, dass ee ka vun der Universitéit erëmkommen an nët automatesch, wéi dat virun 20, 25 Jor de Fall war, eng Plaz kréien, sief dat an der Privatindustrie oder beim Stat.

Dat sin also wierklech strukturell Ennerscheder, déi hautdësdaags an der Schoul scho stattfond hun, bei de Schüler, an hire Käpp, déi et eigentlech mat sech bréngen, dass et oft e ganz groussen Désarroi gët bei de Schüler a bei dene Leit, déi an der Schoul aktiv sin, deen eigentlech eng Konsequenz as vun deem, wat méi en allgemenge gesellschaftleche Phenomeen as, deen ech elo grad versicht hun, a kuerze Wieder ze beschreiwen.

Dofir fannen ech et gutt, dass sech eng ganz Rei Aspekter souwuel am Text vun der Mme Ministesch, wéi och am Text vun der Kommissioun, vun der Mme Stein, erëmfannen, an haaptsächlech och Wäert drop geluegt gët, fir d'Strukture vum Dialog, déi noutwendeg sin - ech zitieren elo - hei wuertwierlech op lëtzebuergesch de franséschen Text vun der Kommissioun -, ëmzesetzen, wou am Text gesot gët, « les structures sont nécessaires », mä ech géif hannendru setzen, et muss een och eng Volonté de dialogue hun!

Deen as hei manifestéiert vun dene politesch Verantwortlechen, mä ech hu gesot, ech erwaarde mer, dass och déi, déi dat hei dono a Musik mussen ëmsetzen, d.h. d'Direkteren, wou mäi Vertrauen zwar grouss as, mä awer och begrenzt - ech hun dat schon éinescht gesot gehat -, deen Défi unhuelen a sech och selwer e bësse méi a Fro stellen, wéi se dat vläicht an de leschte Jorzingte gewinnt waren ze maachen.

Dofir, Här President, sin ech frou, dass scho verschidde Riedner drop higewisen hun, dass mir jo och nët midd gin, als Land hei eng ganz Rei international Konventiounen ze verabschieden - an driwwer ze diskutieren -, wou mer d'Rechter vun de Kanner ënnersträichen. Ech hat d'Méiglechkeet, am Conseil de l'Europe enger ganzer Rei interessanten Discouren a Rapporten, déi iwwer d'Rechter vun de Kanner elaboréiert gi sin, bäizewunnen. Mir wëssen, dass een esou Texter ganz liicht mat der rietser Hand ënnerschreift, a wann ee se mat der lénker Hand muss applizéieren, da gesi mer ëmmer méi Schwiregketen an Hindernisser. Mir verpassen heiansdo an erkennen nët richtig dat gesellschaftlecht Zil, op dat mer wëllen histeieren.

Dofir wëll ech nach eng Kéier deen Appell un d'Direkteren hei erneieren, virun allem, well ech och aus egener Erfahrung weess, dass d'Direkteren - ech hun et scho gesot - et léiwer hun, wann d'Klassesäll ëm 8 Auer an nët

um 5 op 8 zoumaachen, an et hinnen éischens oft egal as, wat am Klassenall selwer geschitt, an zweetens, well ech och weess, dass vill Direkteren - nèt alleguer, et gët och eng Rei Ausnamen - et léiwer hun, et geschitt nèt zevill a puncto Activités culturelles et pédagogiques, déi jo an dësem Kontext éischter ausserhalb vum normale Schoulbetrib lafen, well fir si dann zevill organisatoresch, Sécherheets- an Assuranceproblemer entstin, déi reell sin - ech gin dat zou -, mä déi ménger Meinung no ze léise sin, virausgesat, déi Volonté politique gët och manifestéiert!

Dofir fannen ech et och gutt, dass op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat, dee jo suggéiert huet, dass eng Rei vun denen Attributiounen vun de Comités d'élèves sollen an d'Gesetz kommen, dat dote geschitt. Dat fannen ech scho gutt! Et as besser, et steet am Gesetz, wéi wann et enzweusch anescht steet, z.B. an engem Règlement ministériel, engem Règlement grand-ducal oder an enger Instruction ministérielle. Wat mer méi am Gesetz stoen hun - fannen ech op alle Fall als Législateur, aner Leit heibanne si vläicht anerer Meinung -, desto besser, zemoos an esou Beräicher wéi deem heiten, wou et jo ëm nei Réchter geet, dass déi Leit och potentiell déi Rechter kënne revendiquéieren.

D'Politik an der Schoul, dovun as och scho geschwat gin.

Ech si jo, Här President - dat wäerd Iech waarscheinlech och nèt iwwerraschen -, ee vun denen, dee mengt, dass d'Politik an d'Schoul gehéiert. Ech soen dat ganz klor. An d'Schoul, mëtten dran! Ech weess, dass hei vill Leit optrieden a soen, jo, Politik iwwerall, mä nèt an der Schoul! Ech sin a bleiwen anerer Meinung! Dat Ganzt soll jhust organiséiert sin a sech an engem bestëmmte Ramen ofspillen.

Eischens emol am Respekt vun alle legislativen Texter, déi virleien. A wann ech dat soen, da soen ech dat natierlech nèt onbewusst. Ech sin also der Meinung, dass z.B. e rietsextreme Grupp an der Schoul näischt verluer huet, op Grond vu legislativen Texter, iwwer déi mer hei virun 3 Wochen ofgestëmmt hun, den Text iwwer d'Discrimination raciale et autres. Ech fannen, dass et un der Schouldirektioun an um Ministère as, dofir ze suergen, dass esou Gruppe sech nèt kënnen an der Schoul expriméieren. Allerdéngs sin ech der Meinung, dass sech politesch Parteie kënnen a sollen an der Schoul expriméieren an artikuléieren!

Ech hun heiansdo d'Gefill, wéi wa mir selwer der Meinung wären, mir hätten d'Pescht, als Membere vu politesche Parteien, fir enzweusch posaunen ze goen, keng Politik an d'Schoul. Mä mir sin dach selwer déi Leit, déi Politik maachen! Hu mir dann d'Pescht, si mir dann esou a Verruff geroden oder hu mer esou eng schlecht Appréciatioun a Meinung vun eis selwer, dass, wa mir an eng Schoul kommen, d'Kanner missten zu der hënnëscher Dir erausgejot gin?

(Interruptions)

Ech sin der Meinung, dass dat nèt de Fall as, mä dass politesch Parteie sech och selwer e schlechten Déngscht leeschten, wa se déi Attitude anhuelen. Ech sin also der Iwwerzeugung, Här President, dass esou Saachen an d'Schoul gehéieren, mä dass et drëm geet, hinnen e Kader ze gin, se ze organiséieren.

Dovu geet jo och am Rapport vun der Kommissioun Rieds, iwwer d'Organisatioun vun Tables rondes, an da gët gesot, et dierft allerdéngs keng Propaganda gemaacht gin oder kee Caractère strictement électoral dene Manifestatiounen zoukommen. Ech bedauern och elo schon deen, deen herno dofir muss suergen, fir déi

Distinction ze maachen tëscht enger normaler politescher Presenz vu Parteien, déi do mat Schüler wëllen diskutéieren, an enger Parteipropaganda. Mir solle mat Schüler schwätzen iwwer gesellschaftlech Phenomener a Problemer, déi sech haut stellen.

Ech fannen, dass dat haut an eng modern Schoul eraagehéiert. Dofir sin ech och frou, dass dat scho verschiddentlech hei vun Orateuren zitéiert gin as, respektiv ech hoffen, dass dat herno an där definitiver Fassung vun dene verschiddene Règlements grand-ducaux sech och wäerd erëmfannen, well mir dierfen d'Schüler nèt fir méi dommen halen, wéi se sin - d'Bürger souwisou nèt -, well wann Dir an eng Schoul oder op aner Plaze gitt an Dir maacht bëlle Propaganda oder bëllegen Elektoralismus, da gët dat hautdesdaags schnell erkannt an och als dat dénoncéiert. Wat d'Leit awer gär hätten, dat as, dass se sech kënne mat gesellschaftleche Froen a mat denen, déi herno iwwer déi gesellschaftlech Froë Voten huelen - zu dene mir z.B. heibanne gehéieren -, auserneesetzen.

Här President, fir ofzeschlësse géif ech also mäin 100%egen Accord zu dësem Projet gin. Wéi ech et schon um Ufank gesot hun, sin ech der Iwwerzeugung, dass mer eis, wat d'Participatioun vun de Jugendlechen um gesellschaftleche Liewen ugeet, musse selwer a Fro stellen, an och musse wëssen, dass dat sécherlech mat Risikoë fir verschidden Autoritéiten, siefen dat d'Direkteren, siefen dat d'Ministeren oder anerer, verbonnen as, mä dass et ménger Meinung no awer eng vun den Essenzen vun der Demokratie as, wou mer alleguer mussen drun interesséiert sin, dass se beliebt gët, an iwwer dëse Wee geschitt dat. Ech begrëssen dat a stëmmen dofir och mat ganz grousem Häerz dofir.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - D'Mme Minister vun der Education nationale huet d'Wuert.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de l'Education nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt d'Chamber nach acceptéiert huet, dëse Projet virun der Vakanz ze stëmmen, well esou kann e mam nächste Schouljor a Kraaft treden, an déi nei Organer vun de Schülercomitéë kënne sech dann direkt konstituéieren.

Zur Virgeschicht vun dësem Projet de loi as nozedroen - ech géif mer do erlaben, fir de Ministère ze beanspruchen, datt en nèt esou dialogfeindlech as, wéi dat duergestallt gët -, datt op mëngem éischten Dag um Ministère de 'Jumbo-Streik' war. Ech sin also op de Ministère komm an hat et direkt mat engem Streik ze din.

D'Reaktioun um Ministère war déi: elo gët et emol endlech eng Struktur, a mir wäerte versichen, mat dene Jugendlechen, déi sech do geäussert hun, a Kontakt ze bleiwen a weider mat hinnen ze diskutéieren. Dat hu mer iwwer dat ganz Jor 1995 gemaacht! Mir hun dat awer och mat denen anere Schoulpartner gemaacht! Dat huet dann dozou gefouert, datt mer am Dezember 1995 zu Walfer eng 'Journée du partenariat' haten, wou mer all d'Schoulpartner zesummen haten: Direkteren, Elterenorganisatiounen, Proffen a Schüler.

Dat war 3 Deg virum Streik, well mir hun dee selwechten Owend zu Ouere kritt, datt et do ëm d'Promotionsreglement gaangen as, mat der Limite vun de 40 Punkten, an doduerch Onrou opkomm an engem Gebai, a vun do aus as de ganze Mouvement lassgaangen. Et kann een also

nët soen, datt de Ministère eréischt bougéiert hätt, wéi d'Strooss dono geruff huet.

Ech hun allerdings an där Virstellung, déi mir ausgeschafft an duerchdiskutéiert hate mat alle Partner, als Modell e méi generale Modèle participatif gesi gehat, an zwar eng Reform vun de Conseils d'éducation, wou jo all d'Partner dra sin. Dat, wat eis virgeschwieft huet - an och elo nach virschwieft -, as, datt een all d'Schoulpartner, d.h. d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignantën, op enger selwechter, representativer Basis un engem Dësch hätt, fir zesumme mat der Direktioun an engem Modell vun echter Autonomie d'Schoul féieren ze kënnen.

Do as awer nach viles ze klären, an ech hu gesinn, datt och vill Frilositéiten do sin, wann et drëm geet, mat Verantwortung ze droen, a sech eben do munch Problemer erweisen hu bei de Partner, esou datt mer amgaange sin, elo iwwer dee Modell vu Participatioun a vun Autonomie vu Schoulgebaier weider ze diskutéieren, en attendant dann awer déi Struktur vun de Schülercomitéen opzebauen.

Et as selbstverständlech, datt de jonke Mënsch vun haut e Recht drop huet, fir eng Participatioun an e Matsproochrecht ze kréien, op alle Plazen, wou en an der Gesellschaft tätig as. An ech mengen, et huet och all Generatioun hir Streiker, hir Bewegungen, hir Konflikter gehat, an et gët keen Unterrichtsminister, deen nët e puer Streiker hat! Et gët och keen hei am Land, deen nët séng Streiker hat! Dat soë mer méng Virgänger alleguer, wann ech hinne mol begéinen.

Et gët dann awer och an dene kontestatäre Mouvementer Leit, esou wéi den Här Kollwelter, déi sech ganz gutt entwéckelen, well den Här Kollwelter huet haut eng ganz gutt, verstänneg Riedgehalen a mir souguer vill Courage gemaacht. En huet zwar eppes, mengen ech, vergiess, well en huet sengerzäit emol hei vun den Tribune mat Pabeier op Deputéierte geschoss, wéi se 1980 d'Gesetz iwwer d'Planifikatioun gestëmmt hun; esou datt een also dovu kann ausgoen,...

#### *(Interruption et hilarité)*

...datt sech aus Leit aus kontestatäre Mouvementer duerchaus verstänneg a wäertvoll Bürger entwéckelen. Ech mengen, mir sollen dofir keng Angscht hun, fir Participatioun an och Kontestatioun opkommen ze loossen, esou wäit wéi se dann och ze maîtriséieren as.

Ech wëll awer virun allem hei bei deem Réckbléck, wéi et zu deem Projet de loi komm as, nët verstoppen, datt mer bei eisen Diskussiounen souwuel mat dene jonke Leit, wéi och mat den Direktiounen an Eltere scho munch Problemer iwwerduecht hun, déi och an de Reglementer deelweis ugesprach sin; z.B. as eng Iddi déi gewiescht, fir och d'Schüler aus dem Concomitant an déi Schülercomitéé mat eranzehuelen. Dat as eng Proposition, déi aus den Diskussiounen ervirgaangen as.

Mir hun och laang driwwer diskutéiert, mat dene Jonken, ob ee bei dene Wierlerleschte soll Quoten aféieren, well et as jo gewosst, datt mer d'Participatioun vun de Medercher hu missen op eng extra Manéier promouvéieren. Déi jonk Leit hu sech nawell zimlech vill Gedanken doriwwer gemaacht, a mir sin esou verbliwwen, datt mer dat als Recommandatioun géifen zrëckbehalen.

Wann een dat natürléich bis un d'Enn duerchdenkt, da gesäit een, datt dat nët esou einfach as, well wat mécht een, wa sech op enger Klass op eemol keng Medercher mellen: do huet ee jo och keng Handhab, fir Medercher ze

forcéieren, op eng Lëscht ze goen. Wa se dann nët gewielt gin, stellt sech d'Fro: maache mer dann do um Enn Quoten?

Ech muss soen, déi jonk Leit waren do ganz gedeelter Meinung, a mir hun du mat eiser Recommandatioun en Accord mat hinne fond, esou datt de Beweggrund vun der Regierung, fir an den Text vum Gesetz nët allzevill Detailer anzeschreiwen, e prakteschen as. Et as ganz gewëss kee Grund do, fir dat eent oder dat anert ze verstoppen, mä et as ganz einfach pragmatesch geduecht.

Mir kréien hei ganz sécher Modalitéiten auszuschaffen, déi, wa se um Terrain sollen duerchgefouert gin, eng Experienz brauchen, a wou een aus der Experienz muss gesinn, ob dat sech dann och an der Praxis maache léisst. Mir hun hei als Walmodell jo virgesinn, datt all Schüler soll kënnen wile goen a Wierlerleschte gemaacht gin. Mir haten och der Elterenassociatioun ugebueden, hir Participatiounsstruktur an all Gebai esou duerchzezéien an hinne vum Ministère aus déi néideg Hëllefstellung ze gin. Et wäerd sech an der Praxis nach munch Detailfro stellen iwwer déi eng oder aner Modalitéit.

Ech géif awer déi honorabel Deputéierten drëm bidden, nët ze vergiessen, datt, wann et sech ëm d'Matsproochrecht vu jonke Mënschen handelt, d'Schoul eng Mission éducative huet, datt d'Direkteren a Professerer och Persounen sin, déi Attributiounen duerch d'Gesetz hun, a mir wëlle jo nët hei duerch dëst Gesetz anere Fonktiounen hir Attributiounen ewechhuelen.

An anere Wieder: et muss ëmmer nach gewosst sin, wee Meeschter am Gebai as, ween déi lescht Instanz as, déi décidéiert. Et as schéin a gutt, datt een zesummen diskutéiert, mä irgendwann kënnt de Moment, wou och ee muss décidéieren, an do as den Direkter a leschter Instanz deen, deen d'Responsabilitéit fir d'Gebai huet.

En attendant sin och Schüler an de Conseil supérieur de l'Education nationale genannt gin, esou dass se schon do hir Participatioun hun, an et wäerd sech dann elo mussen erausstellen, wéi mer eis bei den Detailfroen décidéieren, wat de Rapport pédagogique ugeet. Ech ka mer virstellen, wat dene jonke Leit am Kapp schwieft, a mer awer och e Bild dovu maachen, wat d'Befürchtunge si vun den, déi déi aner Säit vun der Barriär stin.

Fir d'Sitzunge während der Schoulzäit ze halen, musse mer virsiichteg sin, well et gët elo scho gewarnt virun dene ville Schoulstonnen, déi verluer gin duerch dëst oder dat. Ech mengen, et muss een hei och e bëssen un den Idealismus appelléieren. Wann ee wëllt participéieren - et gët och vill Leit, déi an anere Gremien hir Fräizäit zur Verfügung stellen -, da géif ech et och nët als onzoumutterbar ëmfannen, wa verschidde Sitzungen ausserhalb vun der Schoulzäit géife stattfannen.

#### *(Interruption)*

Dat mécht mer Freed, datt Der ménger Meinung sid, Här Kollwelter!

Ech géif dann zum Budget kommen.

Et as esou liicht gesot, déi Schülercomitéé mussen elo Infrastruktur zur Verfügung gestallt kréien. Ech wende mech do un de Kolleg Bauteminister, well ech gesinn elo schon nët, wéi et méiglech as, datt mer innerhalb vun dene Contrainten, déi mer an de Gebaier hun, systematesch soen: elo stelle mer och nach ee Sall fir de Schülercomité zur Verfügung, wa mer dee Sall nët hun! Wa mer en hun, très bien! Wa mer en nët hun, da froë mer e Pavillon! Da

maache mer et esou, fir dann op déi Manéier de Leit Satisfaktioun ze gin.

Ech géif dann awer op déi aner Manéier drëm bidden, datt ee sech bei der Verriedung vum de Klasse vum Cycle inférieur nët zevill restriktiv weist, well ech hu bei denen Diskussiounen, déi mer hate mat dene Studenten, déi virgetratt sin, gemierkt, datt et grad déi si vun de klenge Klassen, déi en onverfälschten an onverblümte gesonde Mënsche-verstand un den Dag leën an eis och an der Diskussioun ganz wäertvoll waren. An et si jo och déi, déi eropwuessen!

Wat dann déi aner Froen ugeet, déi nach ugeschnidde gi sin: déi Gesetzesännerung, déi vum Conseil d'Etat proposéiert gin as an haaptsächlech eng Parti Froen opgeworf huet, wéi wäit de Schülercomité kéint Aktivitéiten innerhalb vum Schoulgebai organiséieren, huet um Punkt nogehaakt, ween dann d'Responsabilitéit vun dene Manifestatiounen am Endeffekt huet.

Heibanne gët vläicht un déi eng oder aner Table ronde geduecht, mä d'Schüler denken och emol un eng Schülerparty. Wa se dat verbanne mat engem Concert, dann as dat duerchaus eng Manifestation culturelle! Da freet jo awer den Direkter sech: ween huet dann do d'Responsabilitéit, wann dat innerhalb vum Schoulgebai stattfënt? An da soen d'Eltere sech: jo, wann et vum Schülercomité organiséiert gët an et as an der Schoul, da passt och d'Schoul op, datt näischt un déi Schüler kënnt!

Do gesitt Der also, wou am Fong d'Schwieregkete vun esou Moosname leien, déi ganz gutt geduecht sin an och eng gewëss Berechtigung hun, mä och en Hannergrond, deen, wann e vun der praktescher Säit aus gesi gët, nët esou einfach as.

Ech mengen, et sollt een och nët hei bei dëser Diskussioun vergiessen, datt elo schon, ouni eng Struktur vu Participatioun, a ganz ville Schoulen dat heite ganz reibungslos funktionnéiert, datt et Schülercomitéen an Aktivitéite kultureller, sportlecher an anerer Natur gët, déi vun de Schoulgebai zesumme mat hiren Direktiounen organiséiert gin, a mer dat hei elo jhust op eng strukturéiert Manéier iwwerall imposéieren, d.h. datt mer et och do méiglech maachen, wou et éieren duerch déi eng oder aner Ursach nët sollt zustane kommen.

Et as awer keen Zweifel, datt et Neiland as a mer dofir e Klima vu Vertrauen tëscht de Partner brauchen. Da geet et nët drëm, datt een de jonke Leit seet, si hätte Rechter, mä da geet et och drëm, datt een hinne seet, si hätten och Flichten. Ech mengen, och dat as jo hei vu ville Riedner ugeschwat gin. Et geet also och ëm en edukative Volet, an d'Gespréichskultur ënnerenee ka wuel an der Schoul um beschte gefleegt gin.

Ech géif domat, Här President, nach eng Kéier der Mme Stein als Rapporteur a Presidentin vun der zoustänneger Edukatiounskommissioun mäi Merci soen, an ech wär frou, wann d'Chamber och hei en eestëmmege Vote géif ofgin.

**M. le Président.** - D'Diskussioun as elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4274 a stëmme nach am Verlaf vun der Sitzung driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun iwwer de Projet de loi 4303 iwwer d'Formation professionnelle.

Et hu sech schon ageschriwwen d'Häre Glesener, Grethen, Zanussi, Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Nelly Stein.

## **7. Projet de loi 4303 modifiant et complétant l'article VI de la loi du 31 juillet 1995 relative à l'emploi et à la formation professionnelle**

*Rapport de la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle*

**Mme Nelly Stein (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Deen Text iwwer deen elo Rieds geet an iwwer deen ofgestëmmt wärd gin, - hoffen ech, well virun zwou Stonnen, wéi d'Televisioun hei war, waren nach vill méi Leit heibannen; mä mir si méi roueg esou a mir sin ënnert eis, esou dass mer a Rou kënnen dee Projet diskutéieren -...

**Une voix.** - D'Qualitéit as hei.

**Mme Nelly Stein (CSV), rapporteur.** - Ech hoffen an ech si souguer iwwerzeegt, dass mer dëse Projet nach ofgestëmmt kréien. Dëse Projet huet eigentlech mat dem initiale Gesetzesprojet nët méi vill gemeinsam ausser dem Fait, dass et ëm déi 12 Educateurs gradués geet, déi zënter Oktober 1995 an engem Pool schaffen an entweder bei de Centres de formation professionnelle, der Action locale pour Jeunes oder dem Aarbechtsamt affektéiert sin, fir do ënner anerem d'Chômeuren ze encadréieren.

Obwuel nët méi iwwer den initiale Projet ofgestëmmt gët, mengt d'Edukatiounskommissioun awer, dass si an hirem Rapport soll op dëse Projet zrëckkommen.

Den Ursprung vum Gesetzesprojet läit am Gesetz vum 31. Juli 1995, dat a séngem Artikel VI d'Kreatioun vun engem Pool vun 12 Educateurë virgesäit, déi verschidden Aufgaben am Beräich vun der Betreierung vu Chômeuren iwwerhuele sollen. An dësem Gesetz war d'Zäitdauer vun dësem Pool op zwee Jor beschränkt gin. Deemools hat d'Commission du Travail et de l'Emploi schons drop higewisen, dass op dësem Plang misst legiferéiert gin, wann de Besoin vun esou engem Encadrement vun de Chômeure weider géing bestoen. Och war am Rapport vun der Commission du Travail et de l'Emploi gefrot gin, dass soll e Bilan vun dëser Expérience gemaacht gin. Op dëse Bilan hi sollen déi néideg weider Schrëtt ageleet gin.

Den initiale Projet 4303 hat dëse Wënsch zum Deel Rechnung gedroen.

An der Regirungsoptik gët et en dueble Grond, fir an dësem Abléck ze legiferéieren: d'Zuel vun de Chômeure geet stänneg an d'Luucht an esou bleift hir Betreierung weiderhi vu grousser Wichtigkeet. Schliisslech stellt den Encadrement och e Mëttel duer, fir et dene betraffene Leit, déi et duerch hir Situatioun méi schwéier an eiser Gesellschaft hun, ze erlaben, weider normal ze evoluéieren. Deen anere Grond as deen, dass d'Kontrakter vun denen 12 Educateurë de 15. Oktober auslafen an also muss Klorheet an dëser Situatioun geschafe gin.

D'Kommissioun wollt an hirem Rapport kuurz op déi eenzel Artikelen vum initiale Projet zrëckkommen, genau wéi op déi Reflexiounen, déi si doriwwer gemaacht huet, ier den Avis vum Staatsrot viroug. D'Kommissioun as der Meinung, dass den initiale Projet jo nach ëmmer kann als Basis fir een zukünftege Projet déngen, deen da méi de Virstellung vum Staatsrot entsprécht.